
DE
BUET
VUN DER
DUELEMER
MUSEK
FRÉIJORS
CONCERT
27.04.

## Envie de vacances?

Réservez dans
une de nos agences de voyages!

**MONDORF-LES-BAINS**
31, avenue François Clément
Tél.: 23 66 80 80 - 1
**agence@vandivinit.lu**

**STEINFORT**
1, rue de Hobscheid
Tél.: 39 90 11
**info@tiptoptravel.lu**

NEW
**REISERBANN (LIVANGE)**
12, rue Geespelt
Tél.: 26 26 17
**reiserbann@vandivinit.lu**

www.vandivinit.lu

TIP TOP TRAVEL

VOYAGES VANDIVINIT
*Reesen mat Stil*

MENUISERIE
MGM
GUY MORHENG

Menuiserie générale

Portes intérieures et extérieures

Fenêtres et portes fenêtres
en BOIS, ALU et PVC

Marquises, stores et volets

Cuisines équipées

Armoires incorporés sur mesure

Comptoirs d'accueil

Dressing sur mesure

**mgm.lu**

3, ZI Zare Ilot Ouest L-4384 EHLERANGE TÉL.: 26 55 55-1 info@mgm.lu MenuiserieGuyMorheng

petrymobil

PEUGEOT CITROËN DS AUTOMOBILES OPEL

Z.A.C. Jauschwis
L-7759 ROOST
+352 28 55 74 1

Z.A.C. Laangwiss
L-6131 JUNGLINSTER
+352 26 78 18 1

Waistrooss, 124
L-5440 REMERSCHEN
+352 23 60 50 1

Visit us at **www.petrymobil.lu** or find us



# VIROPS E WUERT...



**Eise “Look” huet sech geännert.**

Säit dem Dezember 1997, wou mir eis éischt Editioun vum „De Buet vun der Duelemer Musek“ publizéiert hunn, war d’Präsentatioun vum Buet ëmmer blo/wäiss gehalen. Ab däser Editioun, de Buet Nr. 50, si mir ganz faarweg ginn.

Och bekëmmert sech d’Sabine nees ëm de Layout vum Buet, wat mech perséinlech immens freet a wat dem „neie Look“ vum Buet ganz gutt steet.

Ech wär frou wann Dir mat däser Opwäertung weiderhin d’Aart a Weis schätzt, wéi mir versichen Iech mam Buet iwwert Neiegkeeten a soss Manifestatioune vun Ärer Duelemer Musek ze informéieren.

Wéi gewinnt, erschéngt eng nei Nummer vum Buet, wann et eppes matzedeele gëtt a mir op e grousse Concert invitéiere wëllen. Dat ass och dës Kéier de Fall an dat am Virfeld vun eisem

**FRÉIJORS-CONCERT**
**e Samschdeg, den 27. Abrëll 2024**
**um 20.00 Auer am Centre Culturel zu Duelem.**

Mam Schluss vun der Chrëschtvakanz hunn d’Prouwen nees ugefaangen an d‘Musikanten*innen hunn all Méindes owes fläisseg de neie Programm fir de Fréijors-Concert ageprouft. Mat enger villsäiteger Mëschung vu Musek versiche mir déi verschiddenst Goûte vun eisem Publik ze treffen. Ech hoffen et ass eis gelongen a mir si gespaant op Är Reaktioun.

Voll Energie fänkt de Concert u mam Wierk „Ignition“ vum Todd Stalter. Wéi de Numm vum Stéck et verréit, gëtt e Fonke vu Kreativitéit fräigelooss an et kënnt zu enger „Zündung“.

Weider um Programm steet e Stéck vum Jan de Haan „A Sunrise Impression“, inspiréiert vun engem impressionante Sonnenopgang a Spuenien, wou de Komponist am Fréijoer seng Vakanz verbruecht huet.

Gläich zwee Wierker vum Georges Sadeler präsentéieren eis Musikanten*innen wärend dem Fréijors-Concert. „Petroglifi“, fir dëst Stéck krut de Georges Sadeler den 1. Präis um International Contest of Composition for Band an Italien a mat sengem Concertmarsch “Dolomiti“ war 2021 um Internationalen Komponistenwettbewerb fir Märsch och den 1. Präis fir hie geduecht.

Den zweeten Deel vum Concert erschéngt méi entspaant mat der Filmmusek zu „Backdraft“ oder „Pirates oft he Caribbean“, wéi och kommen ABBA zu Éiere mat engem Medley.

Och ass de Jugendorchester vun der Duelemer Musek erëm mat vun der Partie. Déi „jonk“ Musikante gestallte mat hirer flotter Musek den Ufank vum 2. Deel vum Fréijors-Concert. Voller Freed a Begeeschterung sinn se bei der Saach a sinn houfreg mat derbäi ze si bei sou engem grousse Concert.

Mir all, d’Acteure vum Fréijors-Concert, maachen eis eng grouss Éier Iech op eisem Concert ze begréissen. Dir verbréngt sécher e flotten Owend zesumme mat eis, wann et dann erëm heescht, Fréijors-Concert vun der Duelemer Musek e Samschdeg, de 27. Abrëll um 20 Auer am Centre Culturel zu Duelem, an dat Ganzt ënner der musikalescher Leedung vum Marc Sadeler.

Mir freeën eis!

**Robert Vandivinit**
*Präsident vun der Musek*



Pizza Hut
Remich
10 ROUTE DE L'EUROPE, 5531 REMICH
+352 26 66 45 56
Bon pour 1 pizza small gratuite au choix*
à l'achat d'une pizza large
Commandez une pizza large
et votre restaurant Pizza Hut Remich
vous offre une pizza small au choix
contre remise de ce bon.
Offre valable exclusivement au restaurant
Pizza Hut Remich jusqu'au 30.09.2023.
Non cumulable avec d'autres offres ou remises
(par ex. Menu Maxi).
Non remboursable en espèces.
/ pizzahut.lu
/ pizzahut.lu


100% électrique.
100% prêt pour l'avenir.
En route pour une mobilté durable durable avec les eVans de Mercedes Benz
Learn more at merbag.lu
MERBAG
Merbag S.A.
Site Leudelange
3, rue Nicolas Brosius
L-3372 Leudelange
+352 26 37 26 -1
vente@merbag.lu


restaurant
an der tourelle
12, route du Vin - L-5450 Stadtbredimus
Tel: +352 23 69 8511
www.tourelle.lu
Jours de fermeture:
lundi soir, mardi et mercredi toute la journée


IMPRIMERIE schlimé
19, RUE DE L'INDUSTRIE • L-8069 BERTRANGE
TÉL. 31 40 50-1 • WWW.SCHLIME.LU • INFO@SCHLIME.LU
IMPRESSION OFFSET & DIGITALE
MADE IN LUXEMBOURG
PRINTED IN LUXEMBOURG
S'ENGAGER SUR LA QUALITÉ ET LA RAPIDITÉ DE VOS IMPRIMÉS

# RÉTRO-SPECTIVE...



**Generalversammlung de 25. Januar 2024**

De Präsident Robert Vandivinit konnt eng gutt besichte Generalversammlung am Musekhaus begréissen. D'Joer 2023 wär ganz gutt verlaf an de Veräi befënnt sech a beschter Verfaassung. Stabil, Personal- a Niveau-méisseg gutt opgestallt, kollegial vun engem ganz motivéiert an engagéiert gefouertem Dirigent, dem Marc Sadeler.

Vill Luef a Mercie waren ubruecht un déi vill Acteuren, déi bäigedroen hunn zum zefriddenen Oflaf vum Joer: de Musikanten*innen, dem Jugendorchester, dem Dirigent, de fräiwëlleg Hëllefe bäi de Fester a Manifestatiounen, d'Annonceuren am Buet an de Sponsore vun der Fête de la Musique a Schampesfest, den Awunner aus der Gemeng Duelem fir hir Ënnerstëtzung wéi och de Verantwortleche vun der Gemeng an dem ganze Personal.

Besonnesch ze erwäne war de musikaleschen Encadrement vun der Mass bei der 30-Joer-Feier vun den Duelemer Scoute wéi och de Fréijoers-Concert ënnert der Direktioun vum Hans-Karl Daus an de Wanter-Concert ënnert der Leedung vum Marc Sadeler. Och d'Fête de la Musique an d'Schampesfest war e risegen Erfolleg a besonnesch stolz ass de Veräin, déi ganz Veranstaltung ënnert dem Motto „Green Event's" organiséiert ze hunn.





Aus dem Beriicht vum Sekretär Charel Vandivinit war weider ze vermierken, datt de Veräin zesumme 50 Memberen zielt: 45 Musikanten*innen am „groussen Orchester", 1 Member am Comité deen net aktiv Musek spillt, 1 Dirigent, 1 Fuendelsdréier an 2 Museker, déi nëmmen am Jugendorchester spillen. De Jugendorchester zielt am Ganze 14 Musikanten*innen + Dirigent.

73 Aktivitéite waren ze vermellen am Joer 2023, dovun 33 Prouwen, 6 Regësterprouwen, 5 Concerts, 10 divers Sortien (Cortège, Hämmelsmarsch, ...), 6 soss Manifestatiounen (Fester, Rees, Iessen, ...) an 13 Versammlungen (Comité...). De Jugendorchester hat en Total vu 45 Aktivitéiten: 34 Prouwen, 4 Concerts, 3 Hämmelsmärsch, etc. Den Duerchschnëttsalter vun de Musikante läit bei 38 Joer.

Iwwert de finanzielle Volet war et um Caissier Gino Barboni ze schwätzen. Finanziell steet d'Musek nach op gudde Féiss. Awer ass d'Joer mat engem grousse Minus ofgeschloss ginn, obwuel der immenser Méi vun allen Acteuren. D'Sue sinn awer gutt verwent gi fir de weideren Opbau vum Veräin.

Den Owend ass bei engem gudde Patt a bei instruktiv Gespréicher ofgeschloss ginn.


OPTIQUE
FRIEDEN&QUINTUS
17 rue Principale, Sandweiler - Tél +352 26 350 430
www.opti.lu


Vous avez
une passion ?
Nous aussi !
SPUERKEESS
Your Bridge to Life


Boissons
de Contern
Livraison à domicile
Location de matériel pour fêtes
www.boissonsdecontern.lu
info@boissonsdecontern.lu +352 691 148 598


Jeanette Lobner
Floristikatelier
11, Kiirchestrooss
L-5741 Filsdorf
Tel.: 23 66 73 63
E-mail: lobner@pt.lu
Mir sinn op
Mé.-Fr.: 9.00-12.00 & 14.00-18.00
Sa.: 9.00-12.00 & 14.00-17.00


WACHT
BIJOUTERIE
9, RUE DE MACHER · REMICH · TEL 26 66 06 04


kompakt
hagebau
moes freres
s.àr.l.
4, Op der Kopp • L-5544 Remich
info@moesfreres.lu • www.moesfreres.lu


HairCult
+352 26671358
olga@haircult.lu
ÖFFNUNGSZEITEN
Mo. – Mi. von 09h00-18h00
Do. – Fr. von 09h00-21h00
Sa. von 09h00-15h00


find us on:
Lettrage
Reding Nico
Tél.367967 lettrage.lu
39 Z.I. Triangle Vert Ellange

# RÉTRO-SPECTIVE...

## (SUITE)



**Éierung Memberen vun der Musek**

Traditiounsgeméiss gi verdéngschtvoll Membere vun der Musek bei Geleeënheet vum WanterConcert. D'Monique Zeimet-Schroeder, als Vertrieder vun der UGDA, an den Här Romain Kill, Buergermeeschter vun der Gemeng Duelem, haten d'Missioun fir follgend trei Musikanten auszezeechnen:

- mat der **Insigne fir 5 Joer** un d'Tanja Haesaerts-Breyer, dem Marie Lahr an den Tim Limpach
- mat der **Médaille de Mérite en Argent fir 20 Joer** un de Paul Stebens.

Eis Gratulatiounen!







**In Memoriam**

Mir gedenken eisem verstuerwenem Member, dem Louis Karmeyer.

De Louis ass am Alter vun 29 Joer an d'Duelemer Musek agetrueden, nom Bestiedness mam Thilly a wou hien du vun Uespelt op Duelem wunne komm ass. Alto huet de Louis am léifste gespillt, hie war awer ganz flexibel a war och asetzbar op der Ventil-posaun oder dem décke Bass, grad wou e gebraucht ginn ass. En ass och gläich an de Comité vun der Musek agetrueden an huet als éischt mol Uerdnung an d'Keess bruecht. Bis 1988 war de Louis du Sekretär vum Veräin een hien 1990 d'Charge vum Vize-Präsident ugeholl huet. Bis zum Schluss war de Louis Member vum Comité bliwwen, huet wärend sengem ganze Liewen trei zur Duelemer Musek gestanen an huet vill bäigedroen zum Wuel a Wuesse vum Veräin. Mir behalen de Louis a gudder Erënnerung.

R.I.P. Louis



# FRÉIJORSCONCERT

**27|04**
**2024**

**UM 20H00**
**CENTRE CULTUREL**
**DUELEM**

DIREKTIOUN:
**MARC SADELER**

PRÄSENTATIOUN:
**MARIE-ROSE BISSENER**

**FRÄI ENTRÉE**
QUÊTE ZU GONSCHTEN VUN
NIÑOS DE LA TIERRA

**VUN DER DUELEMER MUSEK**
**& HIRE JUGENDORCHESTER**

FRÉIJORS CONCERT

# 1. DEEL

**IGNITION**
TODD STALTER

**PETROGLIFI**
GEORGES SADELER

**A SUNRISE IMPRESSION**
JAN DE HAAN

**DOLOMITI**
GEORGES SADELER

---

**JUGENDORCHESTER**

---

# 2. DEEL

**BACKDRAFT**
ARR. MASATO MYOKOIN

**PIRATES OF THE CARIBBEAN MEDLEY**
ARR. KAZUHIRO MORITA

**ABBA IN CONCERT**
ARR. HEINZ BRIEGEL
En Don vun der Mme Ana-Maria Pinto

**EL BARÇA**
LLANO

Fanfare Gemeng Duelem


www.duelemermusek.com

Restaurant
A Schmatten
WELFRANGE
www.aschmatten.lu

Garage Roby Cruciani
212, route de Luxembourg, L-3515 Dudelange, Tél: +352 26 52 52-1

cruciani
automobiles

Garage Roby Cruciani
73, route de Luxembourg, L-3515 Dudelange, Tél: 52 02 52-1



sd Fassaden
Qualität aus Meisterhand
☎ 23 69 94 22
- Anstrich
- Vollwärmeschutz
- Lackierarbeiten
- sämtliche Oberputze
- Gerüstbau
- Sandstrahlarbeiten
- Sandsteinrestaurierung
- Innenarbeiten

SD Fassaden S.à r.l.
37, rue de Stadtbredimus
**L - 5408 Bous**
Tél.: 23 69 94 22
Fax: 23 69 93 31
E-Mail: info@sd-fassaden.lu

www.sd-fassaden.lu

AXA Agence Générale AXA Eric Thill
Pour tous vos besoins en assurances
Habitation Auto Santé Moto Retraite Animaux
26D, Grand-Rue L-8372 HOBSCHEID
(+325) 27 39 27
eric.thill.agent@axa.lu
axa.lu/fr/agence-eric-thill
/AgenceThill

MODEHAUS FISCHER KG
**Damen-Mode**
**Herren-Mode**
**Uniformen und Dienstbekleidung**
mail@mode-von-fischer.de
www.mode-von-fischer.de
Wieserstraße 2
D-66706 Perl-Nennig
Telefon (06866) 330
Telefax (06866)1298

# QUÊTE ZU GONSCHTEN VUN…

D'Quête vum dësjärege Fréijors-Concert gëtt gehalen zu Gonschte vun der ONG **Niños de la Tierra**. Hei hire Message:

D'ONG Niños de la Tierra ass säit méi wéi 35 Joer aktiv an ënnerstëtzt Projeten an de Länner Chile, Bolivien a Peru. An de Projeten déi vu Partnerorganisatioune sur Place organiséiert an ausgefouert ginn, sinn eis verschidde Schwéierpunkten am wichtegsten: Ernährungssécherheet, Erzéiung, Gesondheet, Oekologie, Kultur, Fraerechter, Rechter vun der indigener Bevëlkerung a lokal Kooperativen.

D'ONG ënnerstëtzt ënner anerem de Projet vun enger Museksschoul (Escuela Popular de Artes) zu Viña del Mar, engem Armevéirel am Chile. Am Februar 2024 huet et an der Géigend ganz schro gebrannt an et si méi wéi 120 Leit dobäi ëmkomm. D'Museksschoul ass wéi duerch e Wonner stoe bliwwen, mee 30 Famillje vun de Schüler hunn hiert Haus verluer. D'Museksschoul ass als Hëllefszenter ëmfonctionéiert ginn a lues a lues probéieren se rëm Atelieren a Coursen unzebidden.

D'Responsabel vum Projet probéieren d'Schoul rëm am Abrëll opzemaachen a plangen äifreg wéi se hire Schüler a Familljen am beschten hëllefe kënnen. Se mussen och nei Instrumenter kafen déi an den Haiser verbrannt goufen. Bis dohin, bidden se psychologesch Hëllef, se hunn eng Assistante Sociale engagéiert a se hu sëlleg Volontairen déi all Dag 400 Molzechte kachen a verdeelen.

Wann Dir de betraffene Famille vun dëse Schüler aus der Museksschoul wëllt finanziell beim Opbau vun engem „neie Liewen" hëllefen, kënnt Dir dat maache mat engem Don un d'ONG Niños de la Tierra **CCPL LU75 1111 0897 7348 0000** mat der Kommunikatioun „Brandkatastroph Achupallas".

Merci am Numm vun eise Beneficiairen!



NIÑOS DE LA TIERRA
a.s.b.l.



Raiffeisen

HOSTELLERIE DES PÊCHEURS
钓鱼台
Restaurant chinois
45, route de Stadtbredimus
L-5570 Remich
Tél.: 23 69 80 67
www.hostelleriedespecheurs.lu
hostelleriedespecheurs@pt.lu
**Horaires:** Midi: de 11:30 à 14:30 / Soir: de 17:30 à 22:30
fermé les mardis, sauf jours fériés

**Restaurant Chinois Jin YangGuang**
Adresse :1,Hossegaass
L–5687 Dalheim
TEL:26672167
Ouvertures:11:45h–14:30h et 18:00h–22:00h
Fermé tous les mardis (sauf jours fériés )

**Carrosserie TRICAR s.à r.l**
**Dépannage-Débosselage-Peinture**
**Véhicules toutes marques**
*Réparations carrosserie et mécanique toutes marques*
PROMOTIONS sur jantes et pneus
Contactez-nous !
Tél : 26672108 (www.tricar.lu)
41, Z.A Triangle Vert
L-5691 Ellange/Mondorf
Carrosserie TRICAR
TEL: 26672108/ FAX: 26672109
z.a. TRIANGLE VERT-Mondorf
Dépannage-Débosselage-Peinture

Muller & Wegener
www.mullerwegener.lu
FOURNISSEUR DE LA COUR
DEPUIS 1901
Papier & Façonné - Ecriture & Marquage
Fourniture & Equipement de Bureau
Mobilier de Bureau - Classement & Archivage
Fourniture Informatique - Machine de Bureau
Présentation - Emballage & Expédition
Hygiène & Restauration
Dessin & Bricolage - Printing Services
mw.vente@mullerwegener.lu
www.mullerwegener.lu

Vum Beiemann:
**Fränz Kutten**
3, rue de Mondorf
L-5421 Erpeldange (Bous)
Tel. 23 699 510
GSM 621 75 13 57
www.beiemann.lu
- Lëtzebuerger Hunneg
- Hunnegdrëpp
- Hunnegwäin
- Käerzen
- Fir Kanddaf a Kommioun

MUSIC & TOOLS
www.musicandtools.lu
Music & Tools
luxembourg
vente - location - réparation
instruments de musique
www.musicandtools.lu

OPTIQUE Mondorf
s.à r.l.
LUNETTERIE - OPTOMETRIE
CONTACTOLOGIE
APPAREILS AUDITIFS
**V. ET C. BINTNER**
Opticiennes-Optimétristes Dipl.
**L-5610 Mondorf-les Bains**
2, avenue des Bains • Téléphone 23 66 13 10

# KUERZ INFORMÉIERT...



## Membre Donateur

Elo am Mäerz huet d'Fanfare Gemeng Duelem en Ziedel mam Titel MEMBER DONATEUR 2024 „à tous les ménages" an der Gemeng Duelem ausdeele gelooss.

Mat dësem Informatiounsblat biede mir d'Awunner ëm finanziell Ënnerstëtzung. Ab engem Don vun 10 Euro gitt Dir „Membre Donateur" vun Ärer Musek.

Viru Corona si mir all Joers vun Dier zu Dier an der Gemeng gaangen an hunn „Carte de Membre" ugebueden an dat wärend e puer Joerzéngten. Ronn 500 Haiser an der Gemeng hunn eis domat all Joers hir Trei bewisen an eis mat dëser Aktioun kräfteg ënnerstëtzt. Säit elo 5 Joer ass dës wichteg finanziell Hëllef ewechgefall. Vill Leit an der Gemeng hu bei eis nogefrot, wéi se eis weiderhin ënnerstëtze kënnen, sou datt mir op dëse Wee gaange sinn. Dir kënnt dëst maachen duerch eng Iwwerweisung op ee vun eise Konten oder per Payconiq.

Eis Konte sinn:
**BCEE:** LU62 0019 1300 3279 1000
**CPPL:** LU29 1111 0327 6071 0000
**Communication:** Membre Donateur 2024

Villmools Merci!

## Schampesfest

Kommt eis och dëst Joer besichen op dat traditionellt Schampesfest a loosst lech iwwerrasche vun der musikalescher Offer wärend der Fête de la Musique. D'Zelter sinn opgeriicht op der „Plaz beim Wäschbuer" zu Fëlschdref samschdes a sonndes, **de 15. a 16. Juni 2024**. Mir verwinnen lech mat eise Crêpes, Scampis a Pouletsfliichten. An e gudde Patt däerf natierlech och net feelen!

## Concert am Réimertheater

Am Kader vun de Summerconcerts am Réimertheater zu Duelem kënne mir lech och schonns de Concert mat der Fanfare Gemeng Duelem ukënnegen. Donneschdes, **de 27. Juni 2024**, invitéiere mir op e flotte musikaleschen Owend ab 20 Auer op historeschem Site am Neie Wee zu Duelem.

## All Musikant ass bei eis wëllkomm

Hutt Dir fréier en Instrument gespillt oder sidd Dir aus enger anerer Gemeng bäigezunn an Dir waart do aktiv an enger Musek? Da bleift net doheem an der Fotell sëtzen, mä sicht Kontakt zu neie Frënn an Ärer neier Heemecht.

D'Prouwe vun der Musek sinn all Méindes owes vun 19h30 bis 21h15 am Musekhaus zu Duelem (Kettengaass). Dir kënnt gäre laanscht kommen an lech ëmfroen an nolauschteren.

Och si mir ganz interesséiert u Veräinsleit, déi gewinnt sinn mat unzepaken, mat z'organiséieren a mat ze decidéieren. Mir hunn nach fräi Plazen am Comité vun der Musek.

Avis aux Amateurs !

BAUER ENERGY S.À R.L

13, route de Luxembourg - L-5551 REMICH
Tél. +352 26 70 80 - info@ebauer.lu
www.electricitebauer.lu

photovoltaïque · borne de recharge · électroménager · sécurité
électricité · industrie · informatique · climatisation




- Holzbau
- Dachreparatur
- Bauklempnerei
- Ziegeleindeckung
- Schiefereindeckung
- Flachdachisolierung

NOPSON GmbH
DACHDECKER
MEISTERBETRIEB

45, route de Luxembourg
L-5408 Bous
Tél.: +352 23 66 97 51
Fax: +352 23 66 97 53
info@nopson.com

www.nopson.com
☎ +352 23 66 97 51

SARL
HERZOG
Jeannot & Roland
Promoteur

PLAFONNAGE

FAÇADES

CHAPES

8, Saangewee
L-5698 Welfrange
TEl.:23 66 85 86
Fax: 23 67 69 19

AUTOCARS ALTMANN

12, rue des Forges
L-5770 Weiler-la-Tour

www.autocars-altmann.lu

Äre Metzler vun der Musel
CLEMENT
BOUCHERIE • CHARCUTERIE • PARTY - SERVICE

REMICH | 4, Place du Marché | Tél. 23 66 90 56
MONDORF | avenue Lou Hemmer | Tél. 23 66 80 35
bclement@pt.lu

RCARRÉ

Cloud privé
Cloud public
Infrastructure digitale
Communication unifiée
Services informatiques
Consultance IT
Cybersécurité

contact@rcarre.com +352 31 71 32-1 38-40 Parc d'Activités L-8308 Capellen

Fleurs du Temps

17 rue Principale, L-5240 Sandweiler
Tél: 28 77 31 08 - Email: info@fleursdutemps.lu




CORTOLEZZIS A.

Constructions - Façades
Transformations
Aménagements extérieurs
L-5710 Aspelt

Depuis 1972

23 66 09 43 Gsm: 621 149 946
Fax: 23 67 65 88 www.cortolezzis.lu



UNSERE LEISTUNGEN

GARTEN - LANDSCHAFTSBAU
Verbundstein- & Pflasterarbeiten
Drainagen & Zisternen
Kellerfreilegungen
Baggerarbeiten

BAUTENSCHUTZ
Bautrocknung
Horizontalsperre
Bausanierung

GeoBau S.à r.l.

GEOBAU S.à r.l.
37, rue de Stadtbredimus
L-5408 Bous
Tel 23 69 78 64
E-Mail info@geobau.lu



## E GROUSSE MERCI

un d'Annonceuren an dëser Zeitung. Ouni hir finanziell Ënnerstëtzung wär et net méiglech dëse Periodique erauszebréngen. Liest a mierkt Iech d'Annonceuren an dëser Zeitung a maach och si zu Ärem Partner.





Fanfare de la commune de Dalheim a.s.b.l. | säit 1901
Adress: 15, Munneräferstrooss | L-5741 Filsdorf
Redaktioun: Robert Vandivint
Layout: Sabine Barboni
Oplo: 1200

Fanfare Gemeng Duelem

# DE BUET N°50